

# Bëschpädagogesche Projet - Foyer Ste Elisabeth Esch

Mir géinge gär onbedéngt de Kanner aus dem Grupp Wendelin (6 bis 12 Joer) de sänn- a wäertvolle souwéi beräichernden an opbauende bëschpädagogesche Projet weider zegutt komme loossen, sinn duerfir awer op är Hëllef a Mëtschgewegkeet ugewisen!

Et mecht och Sënn, fir dësen fir de Kanner hir Entwécklung wichtege Beräich, u Spezialisten ze iwwerginn. Sou huet de Foyer Ste Elisabeth schons méi eng laang a flott Erfahrung an der Zesummenaarbecht mat der ASBL Pangea, wou d'Mataarbechter zënter 2004 pädagogesch wéi och therapeutesch Prozesser a ville verschiddene Kontexter (Jugendlechen, Kanner, Schoulen, Behënnerberäich, Erwuessebildung asw.) begleeden. Jiddereen aus dem Team vu Pangea huet eng Ausbildung am erflees- oder bëschpädagogesche respektiv naturtherapeutesche Beräich.

Hei nach an e puer kuerze Wieder aus der Fieder vun der Bëschpädagogin Françoise Welter-Hubert vu Pangea d'Ëmschreiwung vun hirer Aarbecht mat de Kanner:

Die walpädagogischen Projekte sind als soziales Kontaktfeld konzipiert und stellen die Rahmenbedingungen für positives soziales Lernen wie kaum eine andere Methode

bereit. Viele Kinder und Jugendliche kommen heute nicht mehr in den Wald. Waldpädagogik will praktisches, ganzheitliches Erleben und Lernen mit einem Minimum an Konkurrenz-kampf ermöglichen. Lernen und Verstehen wird über direkte Naturbegegnung und Sensibilisierung aller Sinne ermöglicht. Der Wald bietet ein anregungsreiches Umfeld, welches nicht vorbereitet werden muss. Erlebtes wird reflektiert und erinnert.

Kompetenzentwicklung vollzieht sich in der Waldpädagogik durch Interaktionsspiele und kooperative Aufgaben. Hoffnungen und das Gefühl der Selbstwirksamkeit werden gestärkt. Einzel und in der Gruppe durchgeführte Waldaktivitäten, ebenso wie kreative Erlebnismöglichkeiten regen zum selbsttätigen Handeln an. Durch die Intensität der Erfahrungen werden Emotionen geweckt, die zu einem gegenseitigen Verständnis beitragen, Toleranz und das Mitmachen fördern. Bei den Waldaktivitäten zeigen wir Handlungsalternativen auf und unterstützen so die Kinder, eine tragfähige und gefestigte Identität auszubilden.

D'Kanner hunn et verdéngt fir mat Hëllef vun dësem Projet ze wuessen!

**Jean Marie Kirchen**  
Direkter

## Merci am Virus fir är grousszügeg Ënnerstëtzung !



# Hëllef eis hëllef

An den Institutione vum elisabeth - Kannerberäich wunnen Dag an Nuecht Puppelcher, Kanner a jonk Leit aus schwierige Familljen- a Liewenslagen. Fir hinnen ee beschtméigleche Start an d'Liewen ze erméiglechen, bidde mir hinne Gebuergeheet an een Doheem an engem professionellen Ëmfeld. Mir schaffen och enk mat de Familien zesummen.

Dozou brauche mir Är Ënnerstëtzung:

All Don ass eise Kanner eng Hëllef. Ären Don ass steierlech ofsetzbar.

### Impressum:

Newsletter d'SeeFeblos éditée par elisabeth - Kannerberäich  
Accueil Jour et Nuit

Adresse: 24, boulevard Joseph II  
L-1840 Luxembourg  
(352) 45 07 74 - 5057  
Téléphone: (352) 45 07 74 - 5059  
Fax: anne@elisabeth.lu  
E-Mail: elisabeth - Kannerberäich  
Photos: Pangea asbl

Impressum: Imprimerie Reka  
Tirage: 8.500 exemplaires  
sur papier recyclé

### Vous pouvez nous soutenir

- par un don personnel,
- par un parrainage,
- lors d'événements spéciaux: Fêtes familiales, mariages, jubilés, décès...

### Dons déductibles des impôts

Chaque donateur peut déduire les dons à



au profit du Kannerberäich de ses revenus imposables s'il a au moins viré 120 € dans l'année au profit d'associations reconnues.



# d'SeeFeblos

Newsletter vum elisabeth - KANNERBERÄICH

Ausgab 2  
2012

PERIODIQUE  
L-3290 BETTEMBOURG  
Port payé  
PS/674

## Individuell an therapeutesch Begleedung an eisen Heemer : Foyer Ste Elisabeth-Esch, Kannerland, Maison Françoise Dolto.

„Oh flott, de Mëtteg ginn ech erëm mam Daniela, menger Referenzzerzéierin, schwammen“, freet sech d'Laurie. D'Laurie leeft an engem Grupp mat 7 weidere Kanner an engem vum eise Kannerheemer. Ronderëm d'Auer ass mindestens een Erzéier präsent, dee sech ëm d'Kanner bekëmmert. Allerdéngs ass et net ëmmer esou einfach fir d'Kanner, den Erzéier a seng Opmierksamkeet mat 7 anere Kanner deelen ze mussen. Dat fällt all Kand schwéier. Dofir probéiere mir an de Kannerheemsgruppe vum elisabeth - Kannerberäich, dat all Kand op d'mannst all 2 Wochen eng Aktivitéit eleng mat sengem Referenzzerzéier maache kann. Wat do zesumme gemeet gëtt hântk vum Kand a senger Bedürfnis: Dat kënne fräi gewielte Fräizäitaktivitéite sinn ewéi schwamme goen, akafen, ee klengen Ausflug maachen, ...

D'Referenzzerzéierin hëlt sech awer och Zäit, un individuelle Projete mam Kand ze schaffen: Ee Beispill an dësem Kontext ass de Projet „Gefillswelt“, wou probéiert gëtt, de Kanner op eng spilleresch a kreativ Aart a Weis ze hëllef, hir Gefiller ze erkennen, ze benennen, driwwer ze schwätzen an och léieren ze kontrolléieren. D'Selbstvertraue vun de Kanner gëtt gestärkt als wichteg Basis fir hire weidere Wee. Weider ginn et verschidde pädagogesch Spillgruppen, déi Kanner a kleng Gruppen hëllef, hir Ëmwelt ze entdecken a sech lues a lues op nei Erfarungen anzeleeren. Zum Beispill ginn Aarbechten am Holz, therapeutesch Bouschéissen, Schwammen, Vëlofueren, ... uegebueden. Och déiergestützte Pädagogik duerch de Kontakt mat Therapiehënn oder Pærd a Konschttherapie hëllef Kanner mat traumateschen Erfarungen, erëm Vertrauen ze gewannen a Bezéiungen opbauen ze kënnen.

Eng schoulesch Ausbildung ass vun zentraler Bedeutung fir d'Zukunft vun all Kand a Jugendlechen. Dofir gëtt an eise Gruppe vill Wäert op eng encouragéierend a roueg Léieratmosphär geluecht. Kanner a Jugendlechen, déi spezifesch Hëllef brauchen, kréien och eng individuell Léierhëllef vu qualifiziertem Personal.

Oft ass et awer och esou, dat d'Kanner op Grond vun deem, wat si erlieft hunn a wat dozou gefouert huet, firwat si am Heem sinn, Bedürfnis hunn, Saachen opzeschaffen oder Erfarungen nozehuelen. Kanner, déi Gewalt, Vernoléissegung, eng chaotesch Situatioun doheem oder wéineg Zouverlässegkeet erlieft hunn, mussen fir d'ëischt erëm léieren, Erwuessemen ze vertrauen. Si brauche kloer Strukturen, fir sech selwer erëm strukturéieren ze kënnen. Si mussen kënnen zu sech selwer fannen, fir hirt Selbstwäertgefill an hirt Selbstvertrauen erëm opzebauen an esou bereet ze ginn, sech op Bezéiungen zu aneren anzeleeren. Bezéiungen zu anere Mënschen, d'Unerkennung vu Regelen am Zesummeliewe si Basis-kompetenze fir en Zesummeliewen an der Gesellschaft. Eis Kanner brauchen eng Hëllef op dësem Wee, an esou eng Hëllef ass nëmmen an individueller Betreuung oder am kleng Grupp méiglech. Verschidde Kanner brauchen dofir nierwt der Aktivitéit mat hirer Referenzpersoun eng individuell pädagogesch an/oder psychologesch oder therapeutesch Betreuung.

D'Offeren, déi am Moment gemeet ginn, si villfälteg an individuell un d'Bedürfnis an d'Wuelbefanne vun deenen eenzelne Kanner ugepasst:

- Psychologesch Betreuung
- Psychotherapeutesch Ënnerstëtzung duerch extern Fachpersounen
- Déiergestützte Pädagogik
- Naturerliewen (Abenteuerepädagogik)
- Schoulesch Ënnerstëtzung
- Frëifërderung
- Kinésitherapie a Psychomotorik

Mir invitéieren Iech, Léif Lieserinnen a Lieser, eis verschidde Projeten an hir Bedeutung fir all eenzelt Kand op deenen nächste Säite vun dëser SeeFeblos ze entdecken.

Anne Junk-Ihry,  
Chef de projet  
Concept National Anne asbl

www.elisabeth.lu



Adresse du destinataire



Si vous désirez nous soutenir, faites votre sur don sur un des comptes bancaires repris ci-dessous:		<b>DEUXA</b> LU64 0026 1239 6698 9600 <b>BGL BNP PARIBAS</b> LU59 0030 2393 3974 0000 <b>RAIFFEISEN</b> LU18 0090 0000 4444 1004 <b>BLUX</b> LU02 0081 6019 8900 1003 <b>ING</b> LU88 0141 0380 3730 0000	
<b>BCEE</b> LU58 0019 2355 0766 4000 <b>CCPL</b> LU64 1111 2507 5005 0000		<b>VIREMENT</b> Un caractère MAJUSCULE (BLEU ou NOIR) ou signe par case en cas d'écriture manuscrite	
Code BIC de la banque du bénéficiaire		EUR ou	Montant
N° de compte du bénéficiaire			
Nom de la banque du bénéficiaire (uniquement si code BIC non indiqué)		Code Pays	
Nom et adresse du bénéficiaire		Code Pays de résidence	
elisabeth - Stëftung			
24, bd Joseph II L-1840 Luxembourg		Reporting	
FSEE Bëschpädagogesche Projet		Avis de débit	
N° de compte du donneur d'ordre			
Nom et adresse du donneur d'ordre (Max. 4 lignes)		Date d'exécution souhaitée	Date et Signature
Frais à charge (par défaut = PARTAGÉS)			
<input type="checkbox"/> ou <input type="checkbox"/> PARTAGÉS Bénéficiaire Donneur d'ordre			



## Duerch d'Konscht heelen

« Zënter e puer Joer bidden ech Konschttherapie am Kannerland un. De Schwéierpunkt vun der Therapie mat an duerch d'Konscht läit an der konkreter Fërderung vum individuellen an emotionalen Ausdrock mat Hëllef vu Faarwen a Formen, Materialien a Leem. Et ass en aktiivt Schafte vu Biller, an deenen Erleefnesser, Stëmmungen a Suerge siichtbar ginn. D'Konschttherapie ass als begleedend therapeutesch Method zu der verbaler Psychotherapie ze verstoen, wou déi kreativ Spontanitéit gefuedert, d'Konzentratioun trainéiert an d'Selbstvertrauen opgebaut gëtt. »

**Corinne Goetz,**  
Diploméiert Konschttherapeutin a fräischaffend Kënschtlerin. [www.cgoetz.net](http://www.cgoetz.net)

## Déieregestützte Pädagogik

Fir Kanner mat traumateschen Erleefnesser, kognitiven oder emotionalen Entwécklungsréckstänn (Bindungsstéierungen, Trennungsängscht) oder Kanner, déi an hirem Verhalen opfälleg sinn, kënnen Déieren eng Hëllef sinn. Déieren erreechen och Kanner, déi sozial isoléiert oder ängschtlech sinn. Traumatiséiert Kanner hunn et oft méi einfach, duerch en Déier nees z.B. anerer méi no u sech erun ze loossen, well den Émgank mat Déiere méi authentesch a manner bedrohlech ass wéi dee mat Mënschen.

Kanner, déi Problemer mat Regeln a mat Grenzen hunn oder déi aggressiv sinn, mierken huerteg, datt Déieren sech je nom Verhale vum Mënsch entweder distanzéieren oder awer méi op een duerkommen. D'Erëmspigele vum Kand sengem Verhalen am Verhale vum Déier kann eng wichteg Roll fir d'soziaalt an d'emotionalt Léieren duerstellen.

Bei verschiddene Kanner wëlle mir duerfir méi geziilt d'déieregestützte Pädagogik uwenden an dat natierlech mat Mataarbechterinnen, déi eng speziell Ausbildung gemaach hunn. Am Foyer Ste Elisabeth ginn et nieft Leit mat aneren Ausrichtungen (z.B. an der Hippopädagogik, wou Kanner duerch Bewegung a Perzeptioun léiere kënnen an dat mat Hëllef vu Päerd) och zwou Erzéierinnen, déi sech mat hiren Therapiehënn an dëser déieregestützten Interventioun spezialiséiert hunn an déi de Kanner weiderhëlfe kënnen fir Vertrauen opzebauen, fir méi Selbstbewusstsein ze kréien, fir sozial Kompetenzen ze léieren, fir sech besser selwer ënner Kontroll ze behalen, fir Verantwortungsgéfill ze kréien, fir Regeln ze léieren an anzehalen, fir Ausdauer ze léieren ... an nach viles méi .... a fir hinne soumadder ze erméiglechen, ze wuessen, sech ze entwéckelen an eng grouss Liewensfreet ze kréien.

**Monique Pater, Nadine Simonin**  
Erzéierinne mat enger Weiterbildung an der déieregestützte Pädagogik, FSEE



## Frühförderung

Viele der in unseren Institutionen untergebrachten Kinder im Alter von 0 bis 3 Jahren, haben besondere Bedürfnisse. Sie zeigen Entwicklungsverzögerungen, die durch die unsichere und fragile familiäre Situation und die Lebensumstände, die zur Heimeinweisung geführt haben, bedingt sind.

Am Anfang jeder Förderung steht die Beobachtung. Anhand der gewonnen Erkenntnisse aus den alltäglichen Beobachtungen, aus den Resultaten der psychologischen Entwicklungstests und weiteren medizinischen oder professionellen Abklärungen ergibt sich ein individueller Förderplan für jedes Kind.

Um diesen Förderplan umzusetzen, werden hausinterne, aber auch externe Möglichkeiten in Betracht gezogen. So besuchen einige unserer Kinder frühkindliche Förderprogramme, wie den „Service de Rééducation Précoce“ oder den „SIPO“. Einmal pro Woche kommt eine Kinderärztin ins Haus, die die Kinder medizinisch betreut. Ausserdem gehen fast alle Kinder regelmässig zu einer Physiotherapeutin, die täglich ins Haus kommt. Wir arbeiten mit einer Psychomotorikerin sowie einer Kinderpsychiaterin zusammen. Ziel all dieser Angebote ist die Förderung der motorischen, kognitiven und sprachlichen Entwicklung sowie die sozio-emotionale Entfaltung des Kindes.

In der Gruppe werden in den alltäglichen Situationen kleine Förderspiele eingebaut. Durch Singen, Fingerspiele, Tanzen oder Geschichtenerzählen werden die unterschiedlichen Bereiche der kindlichen Entwicklung gefördert.

In einem regelmässigen internen Austausch wird die Entwicklung der Kinder evaluiert und weitere Schritte besprochen. Die Entwicklung des Kindes wird kontinuierlich beobachtet. So kann Frühförderung individuell und ressourcenorientiert ansetzen.

**Dyane Reuter**  
Pädagogin, Maison Française Dolto



## KANNER AM HEEM : Wéi ëmgoe mat hiren Traumata...

Kanner, déi bei eis an d'Heem kommen, hu schonn e laange Parcours hannert sech, mat villen traumateschen Erleefnesser. Si hu geléiert, och mat schlëmme Liewensëmstänn eens ze ginn, iergendwéi ze funktionnéieren an ze iwuerliewen. Déi éischt puer Joer vun hirem Liewen, also do, wou d'Perséinlechkeet sech opbaut, si se meeschtens bei Elteren opgewuess, déi aus deenen ënnerschiddlechste Grënn net wierklech konnte fir si suergen an op hir Bedürfnisser agoen. Si waren oft op sech gestallt, si vläicht mësshandel oder staark vernoléssegt ginn. Si hu musse léieren, Strategien ze entwéckelen, fir net komplett ënnerzegoen. Sou weisen si oft Symptomer, Verhalensschwiegereketen, gestéiert Bindungsmuster, psychesch a physesche Stéierungen, kognitiv Problemer, déi hinnen iergendwann vum Notze waren. Et fällt hinnen oft schwéier eng echt, eenzegartege Beziéung opzebauen, och den Erwuessenen ze vertrauen. Verschiddener sinn extra ugepasst, wëllen den Erwuessene jo net provozéieren, halen sech kleng, sinn ëmmer léif an hëllefsbereit; anerer probéieren ze provozéieren, ginn aggressiv, siche Grenzen; anerer sinn direkt per du mat jidderengem, siche Kierperkontakt, laache verleeën; anerer erëm sinn andauernd a Bewegung, kommen net zur Rou, wëllen alles an direkt; oder eng Mëschung vun esou Verhalensweisen. Am neie Milieu an de Liewensgruppe vum Kannerheem si sou Strategien net méi wierklech néideg, ganz am Géigendeel, si sinn oft hënnerlech fir d'Zusammeliieren an d'Weidentwécklung. Trotzdeem halen d'Kanner doru fest, aus Angscht, aus Gewunnecht, aus Mangel un alternative Methoden, fir sech auszudrécken. Eng Trennung eleng vun dem familiäre Milieu geet net duer; et muss och psychologesch mat de Kanner geschafft ginn. An enger Therapie kënnen si an engem geschützte Milieu hir al Traumaen erëmerliewen an opschaffen, nei Beziéungsmuster opbauen. Et ass wichteg, hiert Leide bewosst ze maachen an hinnen aner Reaktiounen ze weisen wéi déi, déi si bis dohi kannt hunn.

**Sabina, 7 Joer:** Huet Schwiegereketen an der Schoul. Him fällt et schwéier Gemeinsamkeeten ze erkennen, wat eng Ënnerscheidung an domat och eng Klassifizierung vun Inhalten onméiglech mécht. Hatt deet sech schwéier, seng Kierperdeeler ze nennen. Hatt huet Problemer, sech zäitlech a raimlech rëmfannen a repetitiv Aufgabe falen him schwéier. Zuelen hu fir hatt keng Bedeitung: Hatt zielt se just op. Hatt huet nach keng Fäegkeet ze symboliséieren, sou ass et him onméiglech, z.B. sech virzustellen, dass e Punkt fir eng bestëmmte Saach ka stoen. All dës Stéierungen aus dem Beräich „Léieren“ sinn zeréckzeféieren op Stéierungen an de ganz frëien Interaktioun mam Bëbee Sabina. Duerch d'Aart a Weis, wéi ee gehalen, ugepaakt a behandelt gëtt, gëtt vu Gebuert u viles iwwert de Kierper vermittelt, z.B. d'Differenzierung vu sech selwer an der Ëmwelt, Reaktiounen a Géigereaktiounen, Zäitgefill. De Rythmus vun de Soine gëtt e Gefill vu Sécherheet, Gebuergeheet, vu Kontinuitéit, déi et réischt méiglech maachen, Gedanken, Gefiller ze behalen, ee Gefill vun engem Ech ze schafen. Sinn dës Soinen ze vill chaotesch, onzouverlässig, erginn se fir de Bëbee kee Sënn méi, hatt ass ausgeléiwert, den Denkprozess gëtt staark geschiedegt.

**An der Therapie soll d'Sabina dës Manquen "nohuelen", eng Kontinuitéit erliewe vun sengem Kierper, vun den Emotiounen, vun senger Ëmwelt.** Dëst ass eng Aarbecht, déi oft op Joren unzesidelen ass, well sou Schiedegungen aus der fréier Kandheet net einfach réckgängeg ze maache sinn.

D'Kanner an d'Jugendlecher notzen hir therapeutesch Sëtzung ganz ënnerschiddlech. Ob duerch d'Spill, mat Hëllef vu Plastiline, Molen oder och einfach duerch Gespréich, kënnen déi verschiddenst Themen opgegraff a bearbecht ginn.

Erleefnesser aus der Vergangenheet oder aus dem Alldag kënnen esou ugeschwat, gespigelt, verännert a verschafft ginn. Dobäi ass et wichteg, op de Kanner hir individuell Stärkerken ze bauen.

**Kipchen Manon, Hentges Martine**  
Diploméiert Psychologinnen, KLCA

## Bëschpädagogik

Kanner am Heem liewen op enkem Raum a familjenähnliche Gruppen, wou nieft de verschiddensten Erfarungen, Erleefnesser, Suergen, Ängschten, Bedierfnesser asw. vun den eenzelne Kanner natierlech och nach d'Gruppendynamik eng wichteg Roll spillt.

Wéi fir all d'Kanner ass et och fir d'Kanner an engem Heem wichteg, datt se vill an d'frësch Loft kommen, datt se genuch Méiglechkeeten hu fir sech ze beweegen ... an awer och, datt se dat net nëmme téscht groe Mauere maache kënnen, mee méiglechst vill an der grénger Natur. Duerfir ginn d'Kanner vill an de Bësch, an dat zum Deel aus deene virdru genannte Grënn, mee doriwir eraus awer och fir op individuell Ziler hinzeschaffen, wéi Selbstvertrauen opzebauen, mat Ängschten oder mat Frustratiounen ëmgoe ze kënnen, Regeln ze akzeptéieren, e bessert Kierpergefill ze entwéckelen a motoresch respektiv och handwierklech Fäegkeeten ze verbessern asw. oder awer och fir gruppespezifesch Ziler unzepellen wéi Zesummegehéieregekeetsgefill, géigesäitege Respekt, Wäertschätzung ....

D'Kanner sinn hei am Bësch begleet vum Personal (Ergotherapeutin, Erzéier, ...) aus dem Heem déi iwwert dem Spill a Spaass duerno kucken, datt déi gesaten Ziler méiglechst gutt erreecht ginn, et gëtt awer och hei an do op Spezialisten aus der Bësch- oder Erleefnesspädagogik zeréckgegraff (cf. lescht Säit).

**Jean-Marie Kirchen**  
Direkter FSEE

